N°1995
Entrée le 19.03.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten op déi parlamentaresch Fro n°1995 vum 28. Februar 2025 vum honorabelen Deputéierte Här Sven Clement.**

**Ad 1)**

D'Lëtzebuerger Kooperatioun ënnerstëtzt d'Tuberkulos-Bekämpfung haaptsächlech duerch Partenariater mat der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) a mam „*Global Fund against Aids, Malaria and Tuberculosis*".

D'WHO gëtt vun der Lëtzebuerger Kooperatioun fir d'Period 2025-2028 mat 46,5 Milliounen Euro ënnerstëtzt, wat enger Erhéijung vun iwwert 30% am Verglach zum lëschten Ofkommes (2019-2024) entspriecht. De *Global Fund* gëtt vun 2023-2025 mat 15,45 Milliounen Euro ënnerstëtzt, eng Erhéijung vun iwwert 70% am Verglach zu 2020-2022.

**Ad 2)**

Jo, op EU-Niveau ginn déi Evolutioune suivéiert, wuelwëssend, dat d'EU Memberstaaten net fir USAID opkomme kënnen, an dat d'Situatioun stänneg ännert.

**Ad 3)**

Cf. Äntwert uewendriwwer.

**Ad 4)**

Nee, d'"*Global Drug Facility*" gouf an den leschten Joren net finanzéiert.

Lëtzebuerg, den 19 Mäerz 2025

Minister fir
Entwécklungszesummenaarbecht
an humanitär Ugeleeënheeten

(s.) Xavier Bettel